piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Mat der Reform vun der Schoulflicht, déi elo bis 18 Joer geet, stellt sech d'Fro, wéi an der Praxis garantéiert gëtt, datt all Jugendlecher vum lëtzebuergesche Schoulsystem a vun enger gudder Ausbildung kënne profitéieren. Et ginn awer Fäll, wou Kanner, déi hei am Land liewen, net hei an eng Schoul ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Sinn all Kanner a Jugendlecher am schoulflichtegen Alter, déi zu Lëtzebuerg wunnen, och hei am Schoulsystem ugemellt? Wéi gëtt dëst kontrolléiert?
2. Wat geschitt mat Kanner a Jugendlechen, déi hire Wunnsëtz verléieren oder an onstabille Liewenssituatioune sinn? Wéi gëtt hei d'Schoulflicht garantéiert?
3. Wéi gi Schüler:innen, déi wéinst schwéierem Feelverhalen aus enger Schoul rausgeheit ginn, weider betreit, fir datt si trotzdeem hir Schoulflicht erfëllen?
4. Wéi gëtt kontrolléiert, datt Kanner, déi an der Grenzregioun an eng Schoul ginn oder am Ausland an engem Internat ugemellt sinn, hir Schoulflicht och effektiv erfëllen? Wat fir Beweiser mussen dem Bildungsministère oder der Gemeng hei virgeluecht ginn, fir dass dës Ausbildung d'Krittäre vun der lëtzebuergescher Schoulflicht erfëllt?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

5. Wéi vill Kanner a Jugendlecher sinn aktuell am Homeschooling ugemellt, a wéi gëtt an dëse Fäll d'Schoulflicht iwwerpréift?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten